deenen déi de Rousekranz an d'Barmhärzkeetsnovene bieden
de Koschteren
de Schwësteren (PEJ)
der portugiesescher Gemeinschaft
de bénévolten Matarbechterinnen am Parbüro
deenen, déi an der Katechese mathëllefen
den Oeuvres St Barthélémy
den Oeuvres St Jean
de Frënn vun der Lënster Kierch
de Frënn vun de Kierchen aus der Gemeng Mompech
den Uergelfrënn Rouspert-Giischerklaus
de Verantwortlechen an der Kranken- an Alten-Pastoral
der Diakonieekipp Lënster
de Leit, déi um Parbréif schaffen an/oder ausdeelen
de Leit, déi den Affer zielen an d'Kiercherechnungen kontrolléieren
dem Archivar
dem Webmaster
de Fotografen an de Leit vun der Presse
der Equipe vum Dokumentatiounszentrum
den Dammen vum Paramenteverein an déi an de Kierchen d'Wäsch maachen
de Blumen-Equipen a -Fraen
de Fraen a Mammen an de Jeunes Mamans
de Pappen a Männer, vu Berdorf
den Equipen vun den Prässessiounsaltär a Kapellen
den Equipen déi d'Krëppchen an d'Chrëschtbeem opriichten
de Guiden a Scouten
de Frënn vum 3. Alter an de Seniorenveräiner
an all deene villen aneren, déi "einfach" do sinn, matmaachen a matbieden
all deenen, déi mer hei vergiess sollten hunn

Merci all deenen, déi keng Méi scheien wann et heescht fir d'Basilika a fir
eis Kierchen ze suergen, an déi ëmmer nees eng Hand mat upaken bei deenen
verschiddene Liturgien, Fester an Aktivitéiten.

Merci de Gemengeverwaltungen fir all Hëllef, Aarbecht an Ënnerstëtzung

Merci de Musiken, der Police, dem CGDIS

Merci all eisen Donateuren

Merci deenen eeleren a kranke Leit, déi hëllef bieden a matdroën!

Dënschdes 06.02. *Hl. Paul Mika a Gefährten*

Echternach	09.00	Mass	St Fam Reuter-Wagner
Osweiler	09.30	Mass	
CIPA-Consdorf	10.30	Mass	St Fam Michel Ries, Anna Losch a Jean-Pierre Ries (C 2006)
Rodenbourg	18.30	Mass	
Echternach	19.00	Date mat	Gott

Mëttwochs 07.02.

Echternach	09.00	Mass (Muttergotteskapell)	St Franz Lahr-Gierten a Kanner
CIPA-Lënster	10.30	Mass	Germaine Mersch-Kesseler
Echternach	18.30	Kanner- a Familjemass	

Donneschdes 08.02.

Echternach	09.00	Mass	St Fam Loutsch-Braun
Echternach	18.30	Stëll Anbetung	
	19.00	Vesper	

Freides 09.02.

Echternach	09.00	Mass	op Meenung FPMP / St Ehel Marcel + Gerda Pundel-Spaniol + Ehrendechant Marcel Pündel
Herborn	18.30	Mass	



In jener Zeit ging Jesus zusammen mit Jakobus und Johannes in das Haus des Simon und Andreas. Die Schwiegermutter des Simon lag mit Fieber im Bett. Sie sprachen sogleich mit Jesus über sie und er ging zu ihr, fasste sie an der Hand und richtete sie auf. Da wich das Fieber von ihr und sie diente ihnen.

Mk 1,29

Heilung der Schwiegermutter des Petrus, Codex Egberti

6. Sondeg am Joereskrees B Mk 1,40-45

Fuessonndeg

Samschdes 10.02. *Hl. Scholastika*

- Echternach 15.00 Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
 Echternach 15.00 **Hochzäit** Isabelle Schmit & Jo Goldschmit
 Moersdorf 18.00 **Virowendmass**
 Godbrange 18.30 **Virowendmass** St Nic Mangen a Marie Lambert / St Fam Peffer-Walch
 Echternach 18.30 **Virowendmass** Fam Josy Frank-Reisdorf a Fam Reisdorf-Fisch / 9. Jm Alfred Stoons
 Echternach 20.00 **Messe** pour la communauté portugaise

Sonndes 11.02. *Weltdag vun de Kranken*

- Girsterklaus 09.00 **Mass** z.E. v. d. Muttergottes vu Lourdes / Geschwëster Kleyr a Fam
 Hemstal 09.00 **Mass** St Fam Muller-Beck
 Echternach 09.00 **Mass** Marianne Bischof
 Echternach 10.30 **Mass** fir d'Par
 Rosport 10.30 **Mass** mat Elementer fir d'Fuesend / Jean Sonveau / St Albert Schmit / St Ehel Michel Krier, Fam Krier-Weydert a Jean Krier
 Junglinster 10.45 **Mass** 4. Jm Narcisse Moes, Nicolas Prim a Jeanne Hoffmann, Pierre Moes a Léonie Dondelinger / St Jean-Pierre Emering an Odile Kieffer / op Meenung
 Girsterklaus 15.30 **Rousekrantz**
 16.00 **Lourdes-Andacht**
 Echternach 18.30 **Owesmass** Marianne a Sylvie Hurt / Fam Schroeder-Dimmer / St Bertha Schacht-Feilen

Méindes 12.02.

- Echternach 09.00 **Mass (Krypta)** z.E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger

Dënschdes 13.02.

- Echternach 09.00 **Mass** St Fam Adolphe Neyen-Kind
 Osweiler 09.30 **Mass**
 CIPA-Consdorf 10.30 **Mass** St Alphonsine Huberty (C 2006)

*Humor ist der Knopf,
 der verhindert,
 dass uns der Kragen platzt.*

Joachim Ringelnatz



Ufank vun der Faaschtenzäit

Mëttwochs 14.02. Äschermëttwoch

Gedenke Mensch, dass du Staub bist...
Bekéier dech, a gleeft un d'Evangelium !

Echternach	09.00	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz (Basilika!)
Beaufort	10.30	Mass (Seniorenresidenz)
Girsterklaus	14.30	Rousekranz
Girsterklaus	15.00	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz duerno Barmhärzegkeetrousekranz an Anbetung
Berdorf	18.00	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz
Junglinster	18.30	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz

Donneschdes 15.02.

Echternach 09.00 Mass St Fam Raas

Freides 16.02.

Echternach 09.00 Mass op Meenung



Bekehre dich

wähle das Leben,
verlass dich
auf deinen Gott!
Bekehre dich,
höre auf Gottes Wort,
lass dir von ihm sagen,
worauf es jetzt ankommt!

Bekehre dich,
orientiere dich neu,
frage dich,
wofür du lebst!

Bekehre dich,
brich auf, lass nicht
alles beim Alten, wage
einen Neuanfang!

Bekehre dich,
werde kritisch,
unterscheide,
was trägt und was trügt!

Bekehre dich,
suche und finde
deinen Gott in
nächster Nähe!

Paul Weismantel

1. Faaschtesonndeg A

"Invocabit"

Mk 1,12-15

Samschdes 17.02.

Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Bech	18.00	Virowendmass St Elise Speller-Ludwig (1998) / St Prosper Dupont (1997)
Herborn	18.00	Virowendmass Fam Weydert-Lutz-Kleyr / Nelly Müller-Weydert
Gonderange	18.30	Virowendmass
Echternach	18.30	Virowendmass 1. Jm Gerty Horn / 6. Jm Henri Wohl

Sonndes 18.02.

Girsterklaus	09.00	Mass Nicolas Lanser
Echternach	09.00	Mass
Echternach	10.30	Mass fir d'Par
Osweiler	10.30	Mass
Beaufort	10.45	Mass Jean-Pierre Hoff
Junglinster	10.45	Mass Jm Maria Berns, Jm Maria Colling / St abbé Pierre Ries a Fam
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
Echternach	18.30	Owesmass Jm Irma Hauer-Sauber



**FASTENZEIT:
EINE
ZEIT
DER
EINKEHR
GEGEN
DIE
ZEITEN
DER
ZERSTREUUNG**

Impressum Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord

Oploo: 3000 Ex., kënnst ca 8 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnst de 18. Februar eraus a geet bis de 24. Mäerz 2024.

Redaktiounsschluss 26. Januar 2024

Kontakt

Francis Erasmy, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 📧 ferasmy@pt.lu

Carlo Morbach, Paschtouer, ☎ 621 197083 📧 carlo.morbach@cathol.lu

Luc Schreiner, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052

Anise Metz, Parassistentin , ☎ 720149 📧 aimetz@pt.lu

Josiane Mirkes, Parassistentin, ☎ 621263256 📧 josiane.mirkes@education.lu

Luc Zimmer, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 📧 luc.zimmer@cathol.lu

Konto Parbréif: BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 , 📧 iechternach@cathol.lu

De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer

oder op Rendez-vous

iwwer Telephon si mir ereechbar.

Vum 21.12.23 - 09.01.2024 ass de Parbüro zou

Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster , ☎ 780043

Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer
(de Büro ass zou an de Schoulvakanz)

Konto Massintentiounen:

BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000

Kierchefong C.T./ Reg Iechternach

Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer

**Um Internet:**

eist **Parliwen** fannt Dir op: **cathol.lu/iechternach**
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: **basilika.lu**
d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: **lensterkierch.lu**

Gottesdénsgchter an eiser Par

Fir e klengen Iwwerbléck ze hunn, hu mir déi regelmäseg Gottesdénsgchter an eiser Par hei opgelécht:

Sonndes-Gottesdénsgchter all Woch

- **Basilika Iechternach**
Samschdes 18.30 Auer
Sonndes 9.00 + 10.30 + 18.30 Auer
- **Mariewallfahrt Giischerklaus**
Sonndes 9.00 Auer
- **Lënster** Sonndes 10.45 Auer

Regelmäseg Gottesdénsgchter

Gemenge Bech, Beefort, Berdorf a Consdorf

- Virowendmass um 18.00 Auer zu Bech oder zu Consdorf (an de Wanterméint zu Präiteler).
- Sonndes um 9.00 Auer zu Hemstel an um 10.45 Auer zu Beefort oder zu Berdorf (am Rhythmus vun engem Mount ongeféier).

Gemeng Jonglënster

- Virowendmass Samschdes um 18.30 Auer ofwiesselnd zu Gonnereng oder an der Buerg (am Wanter amplaz vun der Buerg zu Guedber). Ausnahme sinn d'Kiermessen oder de fënnefte Samschdeg am Mount.

Gemeng Rouspert-Mompech

- Virowendmass Samschdes um 18.00 Auer, 19.00 Auer vu Juni bis September, ofwiesselend zu Bur, Hierber, Méischdref a Mompech.
- Sonndes um 10.30 Auer ofwiesselend zu Rouspert, Steenem oder Uesweller (Mass oder vun Zäit zur Zäit Gottesdénsgcht).

Gottesdénsgchter während der Woch

All Dag sinn op deene verschiddenste Plazen vun eiser Par Massen oder aner Gottesdénsgchter.

Kannergottesdénsgchter

Vun Oktober bis zum Ofschloss vum Schouljoer sinn an der Schoulzäit och Kannergottesdénsgchter:

- Méindes um 18.00 Auer zu Rouspert.
- Mëttwochs um 18.30 Auer zu Iechternach.
- Freides um 18.30 Auer zu Lënster.
- Samschdes um 16.30 Auer zu Berdorf an um 18.00 Auer zu Beefort

Fir déi Jugendlech

Vum November un ass Date mat Gott (Texter aus der Bibel, modern Texter a Lidder, Gebiet, Gedanken iwwer d'Liewen an de Glawen)

Déischdes an der Schoulzäit um 19.00 Auer an der Basilika oder zu Lënster am Parzenter (15, rue du Village).

Aner Gebietszäiten

- Anbetung a Vesper all Donneschdes um 18.30 resp. 19.00 Auer an der Basilika (ausser Schoulvakanz)
- Anbetung an duerno Mass, all Freideg um 18.00 Auer zu Lënster (ausser Schoulvakanz)
- Rousekranz all Sonndeg um 15.30 Auer op der Giischerklaus

Den Detail (Datumer) an nach vill aner Gottesdénsgchter fannt Dir am Parbréif.

E puer Gedanken dozou

Mirkucken eng gewësse Reegelméissegkeet bäi de Massen a Gottesdénsgchter ze halen. Et ass awer wéinst de Fester an de lokalen Traditiounen net ëmmer einfach. Dir hutt all Woch vill Méiglechkeete fir an der Par eng Mass oder e Gottesdénsgcht mat ze feieren, och wann dat net an Ärem Duerf ass.

Firwat huet d'Basilika sou vill Massen? Mat dem Graf vum Hellege Willibrord, dem eenzege Graf vun engem Hellegen op Lëtzebuurger Buedem, ass si e spirituellen Zentrum wäit iwwer d'Grenze vun der Par ewech. Hei komme Chrëschten aus allen Ecke vun der Par zesummen, wat op den Dierfer seelen de Fall ass. Als Parkierch soll si e Stéck Heemecht fir eis all sinn.

Eis Gemeinschaft ass lieweg do, wou mir d'Liewen deelen an zesumme feieren. Eis Gemeinschaft brauch Leit, déi mat upaken, deenen d'Gemeinschaft an d'Kierch, och

hier Kierch am Duerf wichteg ass. Fir dass d'Gemeinschaft oder d'Kierch (an den Dierfer) beliebt ass, brauch se Leit, déi d'Kierchen op- an zouspären, déi d'Kierchen an der Rei halen, Leit, déi sech ëm Blummen a Käerze suergen, Massendénger, Kantoren, Lektoren, Organisten. Fir Liturgie ze feieren oder e Moment vu Gebiet ze halen, brauch een net nëmmen e Pastoralteam.

Merci all deenen, déi eng Hand mat upaken. Hu Dir do Talenter? Häerzlech wëllkomm!

Josiane Mirkes, Luc Schreiner



© Luc Schreiner

Rousekranzgebiet op der Giischerklaus

Och an de Wanterméint gëtt sonnes ëm 15.30 Auer de Rousekranz op der Giischerklaus gebiet. Eis trei Gebietsgemeinschaft freet sech iwwert jiddereen, dee mat biet. De Rousekranz ass jo dat einfachst, ma kräftegt Gebiet, wou mir eis an der Widderhuelung vun dee selwechte Wieder droe loossen a mat Maria eis an der Welt hier Uleies Gott uvertrauen. Häerzlech Invitatioun!

Luc Schreiner

Vers le Dimanche de la Parole 2024

Depuis le Dimanche de la Parole de Dieu fin janvier 2023 la paroisse de la région d'Echternach a pris un certain nombre d'initiatives pour favoriser et soutenir la lecture de la Bible dans notre communauté.

C'est avec une première lecture de l'Évangile de Matthieu d'un bout à l'autre, lecture partagée par une quarantaine de personnes dans la crypte de la Basilique, que le cheminement à travers l'évangile retenu pour l'année liturgique a débuté. Cette soirée intensive de quatre heures fut marquée par une expérience forte d'attention, de spiritualité et de communauté.

Par la suite, une nouvelle lecture du premier évangile du début jusqu'à la fin fut entreprise en douze soirées pour approfondir quelque peu cet écrit littéraire de premier ordre qui nous propose dans sa dynamique interne un regard sur un Jésus qui, ému – « pris aux entrailles » – par la misère et l'absence d'orientation des gens, leur propose une présence de compassion, de guérison et d'orientation. Une mise en question des autorités religieuses en place donne suite à la constitution d'une nouvelle communauté qui est appelée à se laisser guider par l'esprit des béatitudes et par l'enseignement en paroles et en actes de Jésus. Si cette communauté pourra répondre au défi qui lui est lancé sans tomber dans les pièges de pouvoir et de « bonnes apparences » reste à voir ...

Le vendredi matin se réunit depuis de nombreuses années un petit groupe « open end » qui a achevé la lecture intégrale de l'Évangile de Jean avant de s'aventurer à parcourir le début du livre de la Genèse depuis le mois d'octobre. Loin de se mettre en concurrence avec des cosmologies « scientifique », ces récits nous invitent à nous pencher sur les questions toujours



actuelles de la responsabilité humaine et de sa culpabilité dans la planète-maison que nous partageons avec toutes les créatures.

La célébration en janvier 2024 du Dimanche de la Parole de Dieu, de la parole biblique partagée en communauté au milieu de ce monde en crise, suscitera-t-elle de nouvelles initiatives de « pastorale biblique », d'animation biblique de toute la pastorale et de la vie de l'Église ? À nous de répondre à l'appel pressant du Pape François.

Saint Augustin, dans sa lecture allégorique du récit de la création au début du livre de la Genèse, a vu dans le « firmament » qui protège l'espace réservé à la vie pour nous tous le « firmament de l'Écriture ». Cette image suggestive nous invite à lever les yeux pour mieux connaître et intérioriser les Écritures ; elles nous révèlent la complexité de la vie humaine qu'il faut prendre au sérieux tout en nous montrant un chemin de réconciliation, d'amour et de paix dans ce monde troublé. Rendez-vous donc fin janvier pour le Dimanche de la Parole de Dieu !

Tom Osborne

Cette initiative est soutenue par la Fédération biblique catholique et ses membres et amis à travers le monde (voir www.c-b-f.org).

D'Kierch, eng lieweg Gemeinschaft?

Wa mir vu Kierch schwätzen, menge mir oft d'Gebai vun der Kierch. Sécher ass d'Gebai vun der Kierch eng Aart Zentrum, en Treffpunkt vun der Gemeinschaft. Et geet awer net duer, en Haus ze hunn, wat schéin ass. Et mussen en dat Haus och beliewen, well soss kënnen d'Steng villäicht schéi sinn, mee ouni mënschlecht Liewe sinn se dout.

Fir dass d'Gemeinschaft lieweg ass, mussen d'Membere vun der Gemeinschaft d'Liewen deelen. Si musse sech kennen, wëssen, wat d'Liewen ausmécht, wat se als Gemeinschaft vereenege kann a wat se trennt. An den Dierfer konnt een iwuer laang Jore gesinn a spieren, wéi lieweg d'Gemeinschaft ronderëm Jesus Christus war. An eiser Zäit steet d'Kierch awer um Rand vun der Gesellschaft. Wourunner kann dat leien? D'Äntwerte wäerten ënnerschiddlech sinn, zum Deel richtig an zum Deel falsch. Och dës Iwwerleeunge wäerten onvollstänneg sinn.

Kucke mer zesummen an d'Bibel op dat einfacht Bild vum Hiert mat de Schof. Dat Bild schwätzt eis un, et gëtt ons eng konkret Aufgab. Mir all kënnen souwuel d'Roll vum Hiert wéi och déi vun de Schof iwuerhuelen, vun der Situatioun ofhängeg an der Zäit ugepasst.

Wéi ass haut e gudden Hiert? Wéi en Hiert brauchen d'Schof an eiser Zäit? A wéi sinn d'Schof hautdesdaags? Mir mussen no Äntwerte sichen, déi fir eis Zäit gutt sinn, Äntwerten, déi den Hierten an de Schof vun haut op hirem Wee hëllefen. Während laange Joren huet d'Kierch sech ëm de Mënsch gesuert op eng Aart a Weis, déi dem Mënsch vun haut net méi gutt deet. De Mënsch krut theologiesch Iddie proposéiert a mat moraleschen Uspréech gouf en an der Gitt gehalen. De Mënsch brauch wuel

eng Stäip, e Gelänner, e Kader an deem en sech beweegt. Mee kënnen mir net grad de Kader fannen an den Texter vun der Bibel, dem Ursprung, dem Fundament op dem sech d'Kierch opgebaut huet? Wär dat keng Iddi an eiser Zäit? Lenken déi theologiesch Konstrukter an Iddien net méi vun der eigentlecher Botschaft of, wéi dass se hëllefen zu engem geglückten oder mindestens sënnevolle Liewen?

Fir et mam Matthäus ze soen: Dir sollt den Härgott gären hu mat ärem ganzen Häerz, ärer ganzer Séil an ärem ganzen Denken an ären Nächste gären hu wéi lech selwer. (Mt 22, 37.39) Alles wat Dir wëllt, dass d'Mënsche fir lech maachen, dat maacht och fir si. (Mt 7,12) Wat's Du net wëlls, dass een Dir deet, dat do also och kengem aneren. Dës gëlle Reegel ass sou einfach a gläichzäiteg och sou komplizéiert. Eng Erausforderung!

Domat gëtt kloer, dass d'Gemeinschaft méi ass wéi liturgesch Handlungen. D'Liewe solle mer deelen, op d'Wuert aus der Bibel



Werk der Barmherzigkeit | Schetzelfenster in Burglinster von Emile und Joseph Probst
© Tom Osborne

Liestipp...

Lichterfüllt

Gebete in allen Lebenslagen

Hrsg. vom Bischöflichen Ordinariat Regensburg, Verlag Friedrich Pustet Regensburg 2023, 232 Seiten, 14,95 €.



An der Zäit ronderëm Chrëschttag si mir am Allgemenge jo och ee Stéck méi op fir d'Gespréich mat Gott. Awer wéi eis u Gott wenden, wat him soen, wat hie froen? Bistum Regensburg huet ee schéint Buch mat 255 Gebieder zesummegehallt a publizéiert. Hei ginn et Gebieder zu ganz verschiddegen Uläss an Themen. D'Kierchejoer gëtt berécksiichtegt genausou wéi déi perséinlech Liewenssituatiounen. Mir all hunn dacks Grond fir frou ze sinn. Do kann ee Gott luewen an him och Merci soen. Eng aner Kéier ass een awer och niddergedréckt, traureg oder krank. An eben och da kann een seng Suergen a Gefiller viru Gott bréngen. An dësem Buch fënnt ee wuel zu allem ëmmer mol een Text, deen een uschwätzt an deen een dann och weider féiert, fir vläicht selwer ee ganz perséinlech Gebiet ze formuléieren.

Vun der Säit 207 bis 216 bitt d'Buch ee „Leitfaden für das persönliche Beten“.

Haltungen an Übung leeden un, wéi sou ee Gebiet ka sinn. Op de leschte Säiten (228-230) kann een an engem Theme-Regëster zimmlech séier ee passend Gebiet sichen. Ech fannen, dass een sech dëst gutt Buch duerchaus kann zouleeën an dann och fir dat eegent Gebiet gebrauchen. De Präis ass jo och äusserst bescheiden, d'Opmaachung awer ganz wäertvoll.

Hei nëmmen zwee Beispiller:

Gebiet Nr. 83, „Kindersegung“:

„Gott segne alle Kinder, dass ihr Weg in die Zukunft offen sei. Jesus segne alle Kinder, dass sie viele Herbergen seiner Liebe finden. Der Heilige Geist segne alle Kinder, dass sie ihre Schritte mutig und voller Zuversicht gehen.“ (S. 73)

Gebiet Nr. 192, „Gebet von ganz unten“:

„Gott, bewahre mich vor dem naiven Glauben, es müsste im Leben alles glattgehen. Schenke mir die nüchterne Erkenntnis, dass Schwierigkeiten, Niederlagen, Misserfolge, Rückschläge eine selbstverständliche Zugabe zum Leben sind, durch die wir wachsen und reifen.“ (S. 154)

Amélie de Bourbon Parme L'Ambition

Les trafiquants d'éternité, roman

Éditions Gallimard 2023, 512 pages, 23,00 €.


„Vergessen als Modus der Lehrentwicklung“ ass en Artikel vum Dogmatiker Michael Seewald iwwerschrifwen.^[1] Den Auteur vun dësem Artikel beschreift, wéi an der kathoulescher Kierch munch Saachen an „Léieren“ einfach an d'Vergiesse fale gelooss gi sinn, well si net méi an d'Zäit passen, well si ganz einfach aus haiteger Siicht falsch sinn, well si och einfach nëmmen haut nach peinlech wieren.

An Vergiesse fale gelooss gouf och, wann een haut déi iwerméisseg erhéichte Virstellung vu Poopst a Kardineel

kuckt, wéi sech ebe just dës Elitte vun der kathoulescher Kierch an der Vergaangenheet beholl hunn. A menger leschter Vakanz hunn ech erëm eng Kéier ee Roman gelies, een historesche Roman. D'Amélie de Bourbon Parme erzielt an hirem Roman déi dach horrend abaarteg Geschicht aus der Zäit vum Poopst Alexander VI, dem Rodrigo Borgia. Den Haaptpersonnage, aus deem senger Siicht de Roman erzielt, ass den Alessandro Farnese, de spéidere Poopst Paul III. Mat Intrige verschaaft sech den Alessandro Farnese lues a lues déi Positioun, déi hien da vill Joren duerno op den Troun vum Poopst hieft. Seng Schwëster, d'Giulia Farnese war iwver vill Joren d'Maîtresse vum Alexander VI. Duerch si hat den Alessandro de Poopst zum Deel an der Hand an esou ass hien dann a ganz jonke Joren zum Kardinol ernannt ginn. Theologesch a geeschtlech Kompetenze ware scheinbar net esou wichteg. Dat eenzegt, wat gezielt huet, war d'Relatiounen, d'Intrigen, d'Geld a villes méi. Domat konnt een da Karriär maachen.

Ech hunn dëse Roman zimmlech an engem Zoch duerchgeliess. E liest sech wéi ee gudde Krimi an et ass ee gespaant, wéi et da jeeweils op der nächster Säit oder deem nächste Kapitel weider geet. Et kuckt een dobäi dach a ganz déif Ofgrënn vun der Leedung vun eiser Kierch am 15./16. Joerhonnert. Et ass zum Deel erschreckend ze mierken, wéi dernieft si deemools waren. D'Elitte waren äusserst dekadent. D'Buch ass ee Roman. Déi historesch Tatsachen hannert dëser Roman-Geschicht stëmmen allerdéngs ganz genee. Dat mécht dëse Roman esou ureegend, fir sech dann och emol mat der Geschicht vun der Kierch aus der Zäit ze befaassen.

Wéi ech allerdéngs d'Buch fäerdeg gelies hat, war ech zimmlech desillusionéiert, net



iwver déi Zäit vun deemools, mä iwver eis aktuell Zäit an der Kierch. Ech hu mech nämlech gefrot, op et dann a Wirklechkeet haut besser oder anescht ass. Sinn net och haut d'Bezéiungen dat, wat munch Leit an déi ieweschte Etagë vun eiser Kierch befördert? Wann ech d'Äusserunge vu munche Kardineel, jo heiansdo och vum Poopst selwer héieren, dann denken ech, et ass net wierklech anescht. Jo si sinn all net an deem Mooss dekadent wéi am 15./16. Joerhonnert. Awer d'Muecht schenkt weider dat eenzegt ze sinn, wat d'Elitten och haut an der Kierch befligelt. Firwat loosse mir bis haut keng Fraen zou an den ieweschten Ämter? Ass et just eng Fro vu Muecht? Oder betruuchte mir d'Fraen nach ëmmer just als Maîtresses, déi deenen „Dichtegen“ zu Déngscht sinn? Déi Grouss an der Kierch bis erop bäi de Poopst loosse Frae kleng Sklavendéngschter maachen. Awer si bleiwen ëmmer an der Positioun, déi si deemools zur Zäit vum Borgia Poopst eben och just haten. Sorry, mäin Urteel ass krass. Mä et ass genee dat, wat ech an der leschter Zäit fillen an denken. Et huet sech zënter deenen Zäite vun deemools, wat

d'Mentalitéit ugeet, bäi deenen héijen Hären an der Kierch absolutt näischt geännert.

An d'Vergiesse fale gelooss hu mir an eiser Kierch, dass et dat deemools esou gouf. Mir stinn an der Leedung vun der Kierch nach ëmmer op der selwechter Basis vun Intrigen a Muecht. Just haut maache mir dat

ee wéineg méi diskret. Mir verschleiern et hannert synodale Prozesser. Awer änneren deet sech näischt. Här ass Här a Sklave bleift Sklave.

Carlo Morbach

[1] Michael Seewald, Vergessen als Modus der Lehrentwicklung, in: *Communio* 52 (2023), S. 473-481.

Herr meiner Stunden und meiner Jahre

Du hast mir viel Zeit gegeben,
sie liegt hinter mir
und sie liegt vor mir.

Sie war mein und wird mein,
und ich habe sie von dir.

Ich danke dir
für jeden Schlag der Uhr
und für jeden Morgen,
den ich sehe.

Ich bitte dich nicht,
mir mehr Zeit zu geben.

Ich bitte dich aber
um viel Gelassenheit,
jede Stunde zu füllen.

Ich bitte dich, daß ich
ein wenig dieser Zeit
freihalten darf

von Befehl und Pflicht,
ein wenig für Stille,
ein wenig für die Menschen
am Rand meines Lebens,
die einen Tröster brauchen.

Ich bitte dich um Sorgfalt,
daß ich meine Zeit
nicht töte,
nicht vertreibe,
nicht verderbe.

Jede Stunde ist ein Streifen Land,
ich möchte ihn aufreißen
mit dem Pflug,
ich möchte Liebe hineinwerfen.
Gedanken und Gespräche,
damit Frucht wächst.

Segne du meine Zeit.

Jörg Zink

Spendenopruff

Eng nei Uergel fir d'Becher Kierch

Iwwerweist Ären Don w.e.g. op de Konnt
beim "Fonds Culturel National"

BCEELULL LU24 0019 4655 0203 7000
mam Vermierk "2022/113 Uergel Bech"

Wichtig ze wëssen ass, dass all Don ka
steuerlech ofgesat ginn.

Org.: Eng nei Uergel fir d'Becher Kierch a.s.b.l.

SPENDENOPRUFF

**Eng nei Uergel
fir d'Becher Kierch**

Iwwerweist Ären Don w.e.g. op de Spuerkass-Kant beim
"Fonds Culturel National"
BCEELULL - LU24 0019 4655 0203 7000
mam Vermierk: "2022/113 Uergel Bech"

Wichtig ze wëssen ass, dass all Don ka steuerlech ofgesat ginn.

Dat ka net sinn... „geboren von der Jungfrau Maria“

An der Kierch, an de Gottesdénsgchter soe mir munch Saachen, déi mir wuel esou gewinnt sinn, ma wou vill Leit haut soen: Dat kann dach net sinn. Dat geet net. Vun Zäit zu Zäit géif ech gären esou Themen opgräifen a kucken, wat dat eigentlech bedeit a wéi och bei deene Saache Glawen a Verstand sech net ausschléissen.

Sonndeg fir Sonndeg soe mir an der Mass: „Ich glaube... an Jesus Christus... geboren aus der Jungfrau Maria.“ Ma eng Fra, déi e Kand kritt, ouni datt e Mann eppes domadder ze dinn huet, dat geet net. Esou seet d'Wëssenschaft ganz kloer. Ass dat also Quatsch, wat d'Kierch ons do soen deet?

D'Gebuert aus enger Mamm, déi Jongfra ass, fanne mir och soss alt bei wichtege

Gestalte vu verschiddene Reliounen oder Weltanschauungen, z.B. beim Buddha, an alägyptesche Kinneksmythen, an der algräichescher Mythologie... Hannert deem stécht de Gedanken: Dëse Mënsch ass eppes ganz Besonnesches. Do ass vun Ufank u méi wéi just Mënschlech geschitt, hei ass Gëttlech geschitt, datt dëse Mënsch lieft. Sécher trëfft dat och op de Jesus zou, wéi mir et am Credo ausdrécken.

Wa mir dee Saz soen, dee vun den Iwwerliwwerungen aus dem Matthäus- a Lukasevangelium inspiréiert ass, ass dat net fir d'éischt eng Ausso iwwert d'Maria ma, wéi den Text et jo selwer seet, iwwert de Jesus. Vu sech aus hätt d'Maria ni ouni männleche Partner e Kand op d'Welt setze kënnen. Schliisslech ass si e Mënsch wéi mir all.^[1]



Immaculata | Marienfenster in Burglinster
von Emile und Joseph Probst
© Tom Osborne

Dofir, fir déi haut dacks net méi verstanen Aussoen iwwert d'Jongfraegebuert vum Jesus ze verstoen, loosst mir en anere Saz aus dem Glawensbekenntnis kucken: „Ich glaube an Gott, den Vater, den Allmächtigen, den Schöpfer des Himmels und der Erde.“ Als Chrëschte bekenne mir Gott huet des Welt erschaf an hie kann alles. A seng Schöpfung huet hien Uerdnungen a Gesetzer erageluecht. Och déi, datt eng Fra ouni männleche Matwierke kee Kand kréie kann. D'Wëssenschaft sicht déi Uerdnungen a Gesetzer z'erkennen, déi an der Welt an am Universum leien. Wa mir do als Chrëscht soen: Gott ass den Ursprung vun dëser Welt an hie kann alles, kann hien dann net déi vun de Mënsche, vun der Wëssenschaft erkannten Uerdnungen a Gesetzer vu senger Schöpfung iwwergoe fir aneschtens ze wierken? Mir kenne jo och soss am Liewe munch Reegelen, déi net falsch sinn, quitt, datt et Ausname gëtt.



Engel | Marienfenster in Burglinster (Detail)
von Emile und Joseph Probst
© Tom Osborne

Wann de Matthäus an de Lukas an hiren Evangelie schreiwen a mir am Credo ausdrécken: Onser Här ass „empfangen durch den Heiligen Geist,“ da weist dat op de net just mënschlechen Ursprung vum Mënsch Jesus a Gott sengem ‚Abba‘ an duerch d’Kraaft vum Hellege Geescht hin. „Diese Erzählungen (...) wollen mit den zentralen Aussagen zu Empfängnis und Geburt die menschliche Existenz des Messias aus ein spezifisches Wirken Gottes zurückführen.“^[2] Wéi dat ganz gaangen ass, datt d’Maria duerch d’Kraaft vu Gott, duerch den Hellege Geescht schwanger gouf, beschreiwen d’Evangelien net. D’Wierke vu Gott iwwersteigt jo alt och onst Begräifen. „Sie wollen ausgehend von der Erkenntnis der alle menschlichen Möglichkeiten überschreitenden Auferweckung Jesu und der damit gegebenen Offenbarung Jesu als Gottes eigener Sohn (vgl. Röm 1, 3f.), von einem nur im Glauben zugänglichen tatsächlich und nur Gott allein möglichen Wirken sprechen.“^[3]

An der Perspektiv vum Glawe weist sech: Dat, wat eigentlech net si kann, kann trotzdem emol virkommen, wéi all Reegel och hier Ausnahmen huet. Et si Saachen, déi d’Uerdnung vun der Natur iwwersteigen. wéi och de Jesus, Gott vu Gott, deen „empfangen durch den Heiligen Geist, geboren von der Jungfrau Maria“ ass.

Luc Schreiner

[1] Sécher, elo hale mir theologesch méi geschoulte Leit entgéint: Maria ass dach am Géigesaz zu ons onni lersfënn emfaangen. Richteg, dat heescht d’Maria ass de Mënsch, deen ass wéi Gott de Mënsch ursprénglech geduecht huet. An awer si ass ëmmer just Mënsch. Mir nennen si Muttergottes, net well si eng Gëttin wier, ma wëll si als Fra de Jesus gebuer huet, deen ebe Gott an duerch si Mënsch ginn ass.

[2] Art. Jungfrauengeburt, in: Lexikon für Theologie und Kirche 3. Auflage, Bd 5, 1092. Fir datt et besser ze liesen ass, sinn all ofgekiezte Wieder ausgeschriww ginn.

[3] Och do.

Dëst & dat...

Parbüro a Massbestellungen

de Parbüro ass zou vum **21.12.23 bis den 09.01.24**

Iwwer Telephon si mir ëmmer ereechbar.

Wann Dir eng Mass wëllt bestellen, da schwetzt w.e.g. als éischt mat engem aus dem Pastoralteam oder mam Parbüro. Mir notéieren Är Intentiounen an eventuell den Datum vun der Mass. Erréicht dono kënn dir dann deen entspreechenden Geldbetrag op eise Konto fir Massbestellungen iwwerweisen.

Parbreif per Poste / mail

Dir hutt d'Méiglechkeet, de **Parbréif per Post oder per Mail** geschéckt ze kréien. Per Post froe mir e Bäitrag vun 30 €. Mellt Iech weg am Parbüro (iwwer Tel. oder Mail) an deelt eis Är Coordonnee mat (Numm, Adresse): Parbüro: 720149 - iechternach@cathol.lu .

Generalversammlungen

- **D'Fraen a Mammen Iechternach** Donneschdeg 18.01. 20.00 Auer am Veräinshaus.
- **D'Chorale Buerglënster** Freideg 26.01. um 19.30 Auer am Sall Gonnerenger Gaass.

D'Eechternoacher Massdéiner

- **feieren hirt 35-jähreg Bestoen, mat enger feierlecher Mass den 21.01.24** duerno Receptioun am Dokumentatiounscenter (Kräizgang Basilika)
- hunn och dëst Joer e schéinen Kallenner erausginn, Dir kënt dee fir de Präis vun 10 € am Parbüro kaafen.
- invitieren op hire Fuesbal de 10.2. an der Dikkricher Stuff. Jiddereen ass härezech wëllkomm.



© Jil Veloso



Um Wee vum Glawen... Firmung ?

Léif jonk Frënn,

Wann Dir gedeeft sidd, an d'Kommioun gemaach hutt, feelt nach just d'Firmung fir ganz zu der Gemeinschaft ronderëm de Jesus ze gehéieren. **Déi nächst Firmung ass den 5. Juli 2024**, fir all déi Jugendlech déi virun 1. September 2008 gebuer sinn. Och Dir sidd häerzlech agelueden.

Mir treffen eis an der Schoulzäit dënschdes, ofwiesselend zu lechternach um 19.00 Auer an der Basilika oder um 18.00 Auer zu Lënster am Parzenter am Kader vum Date vu Gott fir eis virzubereeden op d'Firmung.

Dir kënnt lech um Site vun der Par den Umeldungsformular erflieden fir lech unzemellen. Sollt Dir Froen hunn, rufft um Parbüro um Telefon 720149 un oder schwätzt mat engem Member vum Pastoralteam.



Josiane Mirkes

Date mat Gott

Gebietsmoment fir Jugendlecher

Den Date ass och eng Virbereedung op d'Firmung!

Déi nächst Treffte sinn:

lechternach 19.00 Auer an der Basilika:

09.01.24 - 23.01.24 - 06.02.24

Lënster 18.00 Auer am Parzentrum (15, rue du Village)

16.01.24 - 30.01.24



Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet,

☎ 26720376, ✉ luc.zimmer@cathol.lu

Parbüro: ☎ 720 149 ✉ iechternach@cathol.lu



Gottesdénsgchter fir Kanner

- zu **Bäerdref** an der Kierch, Samschdes 13.1. - 27.1. - 3.2. ëm 16.30 Auer Kannergottesdénsgcht
- zu **Befort** an der Kierch, Samschdes 13.1. - 20.1. - 3.2. ëm 18.00 Auer Kannergottesdénsgcht
- zu **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familjemass
- zu **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familjemass
- zu **Rouspert** an der Kierch, all Méindes ëm 18.00 Auer Kannergottesdénsgcht

An de Schoulvakanzan si keng Kannergottesdénsgchter

D'Lënster Kierchemaisercher...

...ass e Projet fir Kanner aus der Spillschoul a vum Cycle 2.1, all zwou Wochen Freides vun 18.15-19.15 Auer (ausser de Schoulvakanzan). Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den: **12.01.24 - 26.01.24 - 02.02.24 16.15 Auer Liichtmëssfeier an der Kierch**

*...un projet au sein de l'église, pour les enfants de la Spillschoul et du cycle 2.1, le vendredi, toutes les deux semaines de 18h15 -19h15 (à l'exception des vacances scolaires), au centre paroissial de Junglinsté (15, rue du village). Prochaines dates: **12.01.24 - 26.01.24 - 02.02.24 16h15 "Liichtmëssfeier" à l'église***

Kanner- a Familjegottesdénsgchter op Helleg Owend 24. Dezember

zu **Bech** an der Kierch um 11.00 Auer
 zu **Lënster** an der Kierch um 15.30 Auer
 zu **Rouspert** an der Kierch um 16.00 Auer
 zu **Iechternach** an der Basilika um 17.00 Auer

Liichtmëssfeier

All Kanner sinn häerzlechst agelueden fir mat hirer Famill a Frënn un enger Liichtfeier an eiser Par deelzehuelen, mat seene vun de Kanner an hire Lampionen. Heizou hu dir folgend Méiglechkeeten:

Freides, 02.02. zu

- **Bech** an der Kierch, um 17.00 Auer
- **Iechternach** an der Basilika, um 16.15 Auer
- **Lënster** an der Kierch, um 16.15 Auer



Dat (Vir-) Lescht




Im Pyro-Fachhandel: „Entschuldigen Sie, die ganzen Raketen und Böller funktionierten nicht.“ Verkäufer: „Das kann überhaupt nicht sein. Die habe ich alle vor dem Verkauf selbst getestet!“

„Fremdwörter, Anglizismen, wohin man hört und schaut!“, wütet der alte Deutschlehrer. „Mir gefällt das überhaupt nicht. Deutsch ist viel cooler!“

TIM & LAURA www.WAGNEBÄNGER.de





Wo bist du, Maria?
Du darfst doch
nicht fehlen!
Wer hört die Botschaft
des Engels?
Wer empfängt das Wort Gottes?
Wer bringt Gott zur Welt?

Wo bin ich, Mensch?
Ich darf doch nicht fehlen.
Höre ich die Botschaft des Engels?
Empfange ich Gottes Wort?
Bringe ich Gott in die Welt?